BIESCHBECHER ATELIER

FONDATION LËTZEBUERGER BLANNEVEREENEGUNG



LU

# EXTENSIOUN VUM BIESCHBECHER ATELIER

**2004 huet d'Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung hiren eegenen Atelier d'inclusion sociale gegrënnt. Zënterhier bitt de Bieschbecher Atelier s.àr.l. de behënnerte Salariéen d'Méiglechkeet, an engem Ëmfeld ze schaffen, dat un hire Fäegkeeten a Kompetenzen ugepasst ass.**

Fir nach besser op d'Demande vun de privaten an institutionelle Clienten ze reagéieren, huet de Bieschbecher Atelier en éischten Ausbau vu senger Infrastruktur zu Rolleng virgesinn. Fir dësen neien Ausbau kënnen ze finanzéiere freet d'Fondatioun eng finanziell Ënnerstëtzung beim Staat, mee brauch och Hëllef vu privaten Donateuren.



***Martine Brochmann***
*Chargée de Direction*

**Madame Brochmann, dir sidd Responsable vum Bieschbecher Atelier. Wéi war dat am Ufank vum Atelier am Joer 2004?**

Mir hunn eis Aktivitéiten 2004 mat nëmmen 9 behënnerte Salariéen ugefaangen. Déi parallel Ëmsetzung vun der Gesetzgebung iwwer hire Statut, déi mir ganz no suivéiert hunn, huet et hinnen erméiglecht, vun enger fairer Remuneratioun ze profitéieren, déi och der Philosophie vun eiser Fondatioun entsprach huet.

**An den Atelier hautdesdaags?**

Mir si ganz houfreg den 01.01.2024 eisen 20te Gebuertsdag ze feieren; mir ziele mëttlerweil 40 behënnert Salariéen déi vun 12 Mataarbechter encadréiert sinn.

Fir eis steet d'Diversitéit am Kär vun eise lokale Produktiounen. Egal ob et eis Keramik ass, eis hausgemaachte Pâtisserien, eis Kreatiounen aus der Schräinerei oder eis frësch an natierlech Produkter, déi suergfälteg aus eisen eegene Gäert gesammelt ginn; mir setzen op eng nohalteg Approche, déi och an eiser DNA ageschriwwen ass.

All eis Qualitéitsprodukter fannt Dir vun Méindes bis Freides vu 09:00 bis 16:00 Auer an eisem klenge Geschäft, direkt hannert dem CIPA Blannenheem.

Eis Clientë fannen eis Produiten net nëmmen zu Rolleng am Buttek, oder am Summer op eisem eegene lokale Maart, mee och op eise Verkafsstänn bei lokale Fester am ganze Land oder a bestëmmte Supermarchéen.

Mee domat net genuch: mir bidden och eng breet Pallette vu Servicer, speziell entwéckelt fir d'Bedierfnesser vu privaten an och professionelle Clienten.

### Kënnt dir eis méi iwwert dem Atelier seng Servicer erzielen?

Fir Privatpersoune bidde mir zum Beispill Blummenarrangementer fir all Zort vu Familljefeieren oder, individuell Kaddoen aus Holz- oder Keramik. Mir kënnen och zesumme mat Iech ee personaliséierte Kaddo entwéckelen.

Mir sinn och bekannt fir eis professionell Aktivitéite fir Administratiounen a Firmen, wéi zum Beispill:

- Mise sous pli vun all Zort vun Dokumenter: Reklammen, Invitatiounen, …
- Handwierklech Produktioun am Holz: Insektenhoteller, Vullenhaisercher, Porte-cléen, …
- Verpackungen: « Titercher » fir de Kleeschen, Zesummestelle vu Verpackungen, …

Wann een op eis Servicer zeréckgräift, dann ënnerstëtzt een aktiv d'Beschäftegung vu Leit mat enger Behënnerung an hir Inklusioun an eis Gesellschaft.

### Dir sidd elo amgaang eng nei Erweiderung vum Bieschbecher Atelier ze finaliséieren. Kënnt Dir eis méi Detailer ginn?

Iwwert déi lescht 20 Joer huet eis Aarbecht am Interessi vun eise blannen- a séihbeanträchtegten Mataarbechter och ëmmer d'Ënnerstëtzung an d'Unerkennung bei de staatlechen Instanze fonnt. Dank dëser Ënnerstëtzung, a motivéiert vun dësem Erfolleg hu mir decidéiert en neie Schrëtt ze goe fir nach besser op d'Besoine vun eise privaten a professionelle Clienten ze reagéieren.

Dofir hu mir Enn 2023 de Bau vun enger Erweiderung vun eise Raimlechkeeten um Terrain vun der Fondatioun ugefaangen.

### Wéi eng Ziler setzt dir Iech mat dëser neier Struktur?

Matt dëser Extensioun wäerte mir kapabel sinn en nach méi kompletten an effiziente Service unzebidden! Mir wäerten eis Kapazitéit erhéije fir nach besser op d'Ufuerderunge vun eise Clienten ze reagéieren, a Léisunge fir hir spezifesch Besoinen unzebidden. Dësen neie Schrëtt ass e Beweis vun eisem Engagement als vertrauenswürdege Partner fir eis Clienten.

Dës Erweiderung erlaabt eis och eng nei Aktivitéit ze entwéckelen. Mat engem gemittleche Café-Restaurant an eisem neie Gebai kënne mir eis Visiteuren a Clientë begréissen.








Eis Prioritéit bleift awer d'Formatioun an d'berufflech Integratioun vun eise behënnerte Mataarbechter um primären Aarbechtsmaart.

Fir dëst ze erreechen, verpflichte mir eis hinnen e stimuléierend Aarbechtsëmfeld ze bidden an hinnen d'Instrumenter duerch entspriechend Ausbildung ze bidde fir an hirer Carrière erfollegräich ze sinn.

### Huet dës Extensioun en Impakt op d'Zuel vun de Poste fir behënnert Aarbechter?

Mir sinn houfreg drop hinzeweisen, datt den Ausbau et eis erlaabt, kuerzfristeg aacht zousätzlech behënnert Mataarbechter ze beschäftegen.

Dës Approche passt also perfekt zu eiser Missioun fir déi berufflech Integratioun vu Leit mat enger Behënnerung ze ënnerstëtzen.

### Wéini soll dat neit Gebai fäerdeg gestallt sinn?

Pünktlech fir eisen 20te Geburtsdag ze feieren, finaliséiere mir am Laf vum Joer 2024 déi nei Raimlechkeeten, déi e grousse Kicheberäich, technesch Raim an en Iesssall fir bis zu 30 Leit, enthalen.

Mir plangen och eng flott Terrass fir eis Visiteuren a Clientë fir si op schéine sonnegen Deeg ze empfänken.

### An den neie Raimlechkeete feelen nach ëmmer Equipementer an dir hofft op Done vum Public fir dës finanzéieren ze kënnen?

E groussen Deel vun der Infrastruktur finanzéiert d'Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung mat ëffentlechen Donen. Dofir ziele mir op d'Generositéit vum Public fir eis ze hëllefen eisen neien Espace anzeriichten. Dës finanziell Ënnerstëtzung ass ganz wichteg fir datt mir en Aarbechtsëmfeld ubidde kënnen, dat un eis behënnert Mataarbechter ugepasst ass. Dofir brauche mir nach verschidden Equipementer, wéi zum Beispill Kichenariichtung, Miwwel fir bannen oder och nach Terrassemiwwel. All Bäitrag ass wëllkomm an erméiglecht eis en Ëmfeld op d'Been ze stellen dat zu hirer beruffleche Entwécklung bäidréit.

### Fir ofzeschléissen, nach ee Wuert iwwert de Gebuertsdag vum Bieschbecher Atelier?

Mir hunn natierlech e ganze Programm opgestallt fir eisen 20te Geburtsdag mat eise Clientë a Partner richteg ze feieren!

**Kuckt eise Programm hei: flb.lu/anniversaireatelier**

D'Feierlechkeete wäerten iwwert d'ganzt Joer 2024 stattfannen. Mir freeën eis Iech op engem oder méi vun eisen Eventer begréissen ze kënnen.



## WÉI KANN EEN DE BIESCHBECHER ATELIER MAT ENGEM DON ËNNERSTËTZEN?

Et kann ee ganz einfach mat Payconiq en Don un d'Fondatioun maachen, an deem een dëse QR-Code scannt, oder et mécht een eng Iwwerweisung op de Bankkonto vun der FLB bei der Spuerkeess.

**BCEE LULL LU10 0019 1000 6994 9000**









20 JOER
BIESCHBECHER ATELIER

Fannt hei all d'Evenementer ronderëm eis Gebuertsdagsfeier:

*Retrouvez-ici les événements autour de notre 20e anniversaire :*

www.flb.lu/anniversaireatelier












FR

# EXTENSION DU BIESCHBECHER ATELIER

**En 2004, la Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung a créé son propre atelier d'inclusion professionnelle, le Bieschbecher Atelier s.àr.l.. Il offre depuis lors aux salariés handicapés une possibilité de travailler dans un environnement adapté à leurs capacités et compétences.**

Afin de répondre encore mieux aux besoins des clients privés et institutionnels, le Bieschbecher Atelier a engendré une première extension de son infrastructure à Rollingen. Pour mener à bien cette extension, la Fondation sollicite le soutien financier du public à travers lequel le Bieschbecher Atelier pourra créer des postes de travail supplémentaires et améliorer l'espace de travail de la manière la plus optimale possible.



**Mme Brochmann, vous êtes la chargée de direction du Bieschbecher Atelier. Quels étaient les débuts de l'atelier en 2004 ?**

Nous avons débuté nos activités en 2004 avec seulement neuf salariés handicapés. La mise en place parallèle de la législation sur leur statut leur a permis de bénéficier d'une rémunération juste, ce qui rejoignait la philosophie sociale de notre Fondation.

**L'atelier aujourd'hui ?**

C'est avec une grande fierté que nous célébrons notre 20e anniversaire le 01.01.2024, et je suis ravie de compter une équipe de 40 employés handicapés, soutenus par 12 encadrants dévoués.

Chez nous, la diversité est au cœur de nos productions locales. Que ce soit notre céramique artistique, nos pâtisseries faites maison, nos créations en menuiserie ou encore nos produits frais récoltés dans nos propres jardins, nous sommes engagés envers une approche durable, inscrite dans notre ADN.

On peut retrouver tous nos produits de qualité dans notre charmant magasin, idéalement situé à proximité du CIPA Blannenheem, et ouvert au grand public du lundi au vendredi, de 09h00 à 16h00.

Notre clientèle trouve nos produits à Rollingen dans notre point de vente, sur notre marché local en été, ainsi que sur nos stands lors des fêtes locales ou dans certaines grandes surfaces.

Mais notre activité ne s'arrête pas là ! Nous proposons également une large gamme de services, spécialement conçus pour répondre aux besoins des particuliers et des professionnels.

**Pouvez-vous nous en raconter plus sur ces autres services proposés par l'Atelier ?**

Pour les particuliers, nous proposons par exemple des arrangements floraux pour tout type de fête familiale, la production de toute sorte de cadeaux individualisés, des remerciements en bois ou en céramique et encore plein d'autres produits et services que nous pouvons développer sur demande.

Mais nous sommes également réputés pour nos activités de sous-traitance professionnelles pour entreprises et administrations telles que :

- Mise sous pli ou arrangement de tout type de documents : publicités, invitations, ...
- La production artisanale en bois : hôtels pour insectes, nichoirs, porte-clefs, ...
- Confection d'emballages : « Titercher » pour la St. Nicolas, assemblage, ...

En faisant appel à nos services, le client soutient activement l'emploi de personnes handicapées et leur inclusion dans notre société.

**Actuellement, vous finalisez une nouvelle extension du Bieschbecher Atelier. Pouvez-vous nous en donner plus de détails ?**

Au cours des deux dernières décennies, notre engagement envers nos employés aveugles et malvoyants a été soutenu et reconnu par les autorités étatiques. Ce soutien et cette reconnaissance nous ont motivés à aller encore plus loin pour répondre aux besoins de nos clients, qu'ils soient particuliers ou professionnels. C'est ainsi qu'à la fin de l'année 2023, nous avons entrepris la construction d'une extension de nos locaux sur le terrain de la fondation.

**Quels objectifs poursuivez-vous avec cette nouvelle structure ?**

Grâce à cette expansion, nous fournirons un service encore plus complet et efficace ! Nous augmenterons notre capacité pour mieux répondre aux demandes des clients et leur offrir des solutions adaptées. Cette étape dans notre évolution démontre notre engagement en tant que partenaire de confiance. Cette extension nous permettra également de développer une nouvelle activité. Avec un café-restauration confortable dans notre nouvelle extension, nous pourrons y accueillir nos visiteurs et clients. Cet espace d'accueil nous permet la mise en place de nouvelles activités comme café-pâtisserie en journée ou encore des soirées à thème ou des activités « after-work ».








Notre priorité reste la formation et l'intégration professionnelle de nos salariés handicapés sur le marché du travail primaire, en particulier dans le secteur HORECA. Pour y parvenir, nous nous engageons à leur offrir un environnement de travail stimulant et à leur fournir les outils grâce à des formations adaptées pour réussir leur carrière.

**Cette extension a-t-elle eu un impact sur le nombre de postes ouverts aux travailleurs handicapés ?**

Nous sommes fiers de souligner que cette extension nous permettra d'employer huit salariés handicapés supplémentaires à court terme. Cette démarche s'inscrit donc parfaitement dans notre mission de soutien à l'intégration professionnelle des personnes en situation de handicap.

**Quand est-ce que vous prévoyez de finaliser le nouveau local ?**

Au cours de l'année 2024, et pour célébrer notre 20e anniversaire, nous finalisons son aménagement, qui comprend un grand espace cuisine, des locaux techniques et une salle de restauration pouvant accueillir jusqu'à 30 personnes.

Nous prévoyons également d'y aménager un joli espace terrasse pour accueillir nos visiteurs et clients lors des belles journées ensoleillées.

**Les locaux manquent encore d'équipements pour lesquels vous espérez pouvoir compter sur les dons du public. Quels sont vos besoins actuellement, pourquoi vous faut-il des dons ?**

Grâce aux dons publics, la FLB finance une grande partie de l'infrastructure. Nous sollicitons donc la générosité du public pour aménager notre nouvel espace. Ce soutien financier est essentiel pour offrir un environnement de travail adapté à nos employés handicapés. Nous avons besoin de divers équipements, tels que du matériel de cuisine, du mobilier intérieur et de la terrasse. Chaque contribution compte pour créer un environnement propice à leur épanouissement professionnel.

**Pour finir, encore un mot sur l'anniversaire de l'atelier ?**

Nous avons évidemment mis en place tout un programme pour dûment fêter nos 20 ans avec nos clients ! Consultez notre programme ici : www.flb.lu/anniversaireatelier

Les festivités auront lieu pendant toute l'année 2024. Nous nous réjouissons de vous accueillir lors d'un ou de plusieurs de nos événements.



## COMMENT PEUT-ON FAIRE UN DON POUR SOUTENIR LA CAUSE DU BIESCHBECHER ATELIER ?

Vous pouvez facilement faire un don à la fondation avec Payconiq en scannant ce QR code, ou effectuer un virement sur le compte bancaire de la FLB à la Spuerkeess.

**BCEE LULL LU10 0019 1000 6994 9000**






# MERCI!





## MERCI UN EIS DONATEUREN

Mir soen eisen Donateuren déi eis dat läscht Joer ënnerstëtzt hunn ee groussen MERCI. Mat hirer Hëllef konnte mer vill vun eise Projet'en finanzéieren. Eng direkt Hëllef fir blann a séihbehënnert Leit ass a follgend Projeten gaangen:

### BBF – Berodung, Betreiung a Fräizäit

- Audio-Bibliothéik: 14.493 €
- Personalkäschten: 76.851 €
- Wunnstruktur: 121.065 €

### Bieschbecher Atelier

- Wunnstruktur: 19.391 €

### Motum

- Fuerpark: 18.760 €

### CIPA Blannenheem

- Aktivitéiten: 13.370 €

## MERCI À NOS DONATEURS

Nous tenons à dire un grand MERCI à nos donateurs qui nous ont soutenus l'année dernière. Grâce à leur aide, nous avons pu financer plusieurs de nos projets. Une aide directe à l'attention de nos personnes aveugles et malvoyantes a été réalisée grâce aux projets suivants :

### BBF – Berodung, Betreiung a Fräizäit

- Bibliothèque sonore : 14.493 €
- Frais de personnel : 76.851 €
- Structure logement : 121.065 €

### Bieschbecher Atelier

- Structure logement : 19.391 €

### Motum

- Parc automobile : 18.760 €

### CIPA Blannenheem

- Activités : 13.370 €

## ËNNERSTËTZT EIS SERVICER

**En Don amplaz vun engem Kaddo – maacht eng Kollekte fir e perséinlecht Fest**

Familljefest, Hochzäit, Kanddaf oder Gebuertsdag – alles Fester déi fir vill Freed stinn. Firwat net och en Deel vun dëser Freed weider verschenken? Lued bei esou Geleeënheeten är Famill a Frënn a fir en Don un eis Fondatioun ze maachen an ënnerstëtzt domadder ee gudden Zweck fir méi e grousse sozialen Zesummenhalt.

**Ierfschaften: Äert Testament fir d'Ënnerstëtzung vun der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung**

Mat engem Testament zugonschte vun eiser Fondatioun ënnerstëtzt Dir eis Aarbecht fir blann a séibehënnert Mënschen an hëlleft eis och weiderhin nei Projeten an Aktivitéite fir eis Beneficiairen ze entwéckelen.

**En Opruff fir en Don an der Doudesannonce**

Am Fall vum Doud vun engem vun Äre Léifsten, ënnerstëtzt eis Aktivitéiten andeems Dir fir en Don un eis Fondatioun oprufft. Eis Beneficiaire soen Iech Merci!

**Spende vu Firmen oder Associatiounen – Nohalteg Hëllefen als sozial verantwortleche Partner**

Well de Besoin fir Ënnerstëtzung ëmmer méi grouss gëtt, sicht d'Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung staark Partner. Et gi vill Méiglechkeete fir Betriber an Associatiounen eis aktiv ze ënnerstëtzen a sech esou sozial ze engagéieren. Egal ob et duerch eng eemoleg Spend, d'Finanzéierung vun engem Projet oder eng laangfristeg Partnerschaft ass, zéckt net eis ze kontaktéiere fir doriwwer ze diskutéieren.

## SOUTENEZ NOS SERVICES

**Une collecte de dons : partagez le bonheur – un don au lieu d'un cadeau**

Fête de famille, mariage, baptême ou anniversaire – tant de moments joyeux avec vos proches et vos amis. Pourquoi ne pas partager la joie en les invitant à faire un don à notre Fondation ? Donnez ainsi du sens à un cadeau tout en soutenant une bonne cause au profit d'une plus grande cohésion sociale.

**Legs : votre testament en soutien de la Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung**

Soutenez nos actions pour les aveugles et malvoyants du Luxembourg avec un testament en faveur de notre Fondation. Faire un legs à la FLB c'est aussi nous aider à continuer de développer de nouveaux projets et activités pour nos bénéficiaires.

**Honorez la mémoire d'un être aimé**

En cas de décès d'un de vos proches, soutenez nos activités en invitant à faire des dons en faveur de notre Fondation. Nos bénéficiaires vous en seront très reconnaissants.

**Dons d'entreprises ou d'associations Socialement responsable – la Fondation**

Lëtzebuerger Blannevereenegung vous propose d'engager votre entreprise ou association à ses côtés. Nous vous offrons de multiples façons pour soutenir nos projets et ainsi, de vous engager socialement. Que ce soit par un don unique, le financement d'un projet ou par un partenariat à plus long terme n'hésitez pas de nous contacter pour en parler.

BBF
BERODUNG
BETREIUNG
A FRÄIZÄIT
FONDATION LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUNG

BIESCHBECHER
ATELIER
FONDATION LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUNG

CIPA
BLANNENHEEM
FONDATION LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUNG

LOGEMENT ENCADRÉ
WÄISST SCHLÄSSCHEN
FONDATION LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUNG

MOTUM
DE MOBILE
FLEEGEDENGSCHT
FONDATION LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUN

NATURCRECHE
BIESCHBECH
FONDATION LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUNG



## MERCI FIR ÄR ËNNERSTËTZUNG

Duerch den Engagement vu ville Benevole iwwer laang Jore war et eis méiglech, eis verschidde Servicen ubidden ze kënnen. Nëmme mat Hëllef vun den Donateuren an de staatlechen Instanzen ass et eis och an Zukunft méiglech, eis Ziler ze verwierklechen!

*> Dir kënnt Är Done vun de Steieren ofsetzen*

## MERCI POUR VOTRE SOUTIEN

L'engagement de longue durée d'un grand nombre de bénévoles nous permet de maintenir l'offre de nos nombreux services. C'est grâce au soutien financier et moral de la part des donateurs et des services publics que nous pourrons continuer à réaliser nos objectifs à l'avenir.

*> Vos dons sont déductibles des impôts*

## ËNNERSTËTZT EIS MAT ÄREM DON! / *SOUTENEZ-NOUS AVEC VOTRE DON!*

Scannt ganz einfach de Payconiq QR-Code oder macht eng Iwwerweisung op eise Bankkonto.

*Scannez simplement le code QR Payconiq ou faites un virement à un de nos comptes bancaires.*

CCPL LULL LU84 1111 0000 9292 0000
BCEE LULL LU10 0019 1000 6994 9000
CCRA LULL LU63 0099 7800 0112 3579
BGLL LULL LU88 0030 0959 1011 0000

**CCPL LULL** LU84 1111 0000 9292 0000
**BCEE LULL** LU10 0019 1000 6994 9000
**CCRA LULL** LU63 0099 7800 0112 3579
**BGLL LULL** LU88 0030 0959 1011 0000

**VIREMENT**

Un caractère MAJUSCULE (BLEU ou NOIR) ou signe par case en cas d'écriture manuscrite

Code BIC de la banque du bénéficiaire

EUR ou

Montant

N° de compte du bénéficiaire

Nom de la banque du bénéficiaire (uniquement si code BIC non indiqué)

Code Pays

Nom et adresse du bénéficiaire

Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung

L-7540 ROLLINGEN

Code Pays de résidence

Communication au bénéficiaire

Reporting

N° de compte du donneur d'ordre

Avis de débit

Nom et adresse du donneur d'ordre

Date d'exécution souhaitée

Frais à charge (par défaut = PARTAGÉS)

PARTAGÉS | Bénéficiaire | Donneur d'ordre

Date et Signature

FONDATION
LËTZEBUERGER
BLANNEVEREENEGUNG

47, RUE DE LUXEMBOURG
L-7540 ROLLINGEN

EMAIL INFO@FLB.LU
TEL. 32 90 31 – 1500

WWW.FLB.LU